

# NORNEN

## INDEPENDENT LITTLE LIES

# VIRSTELLUNGSDATEN A PLAZEN

ARISTON (Esch-sur-Alzette)

- 17.04.23 um 20h
- 18.04.23 um 20h
- 20.04.23 um 20h
- 21.04.23 um 17h

CUBE 521 (Marnach)

- 26.04.23 um 20h

KASEMATTENTHEATER (Luxembourg)

- 03.07.23 um 20h
- 04.07.23 um 20h
- 07.07.23 um 20h
- 11.07.23 um 20h
- 12.07.23 um 20h

# ZUM STÉCK

Vergaangenheet, Géigewaart, Zukunft: dräi Dimensioune vun der Zäit, duergestallt vun dräi Göttinnen, déi *Nornen* heeschen. D'Schicksalseeler, déi si an den Hänn halen, si gläichzäiteg d'Fiedem vun enger Erzielung, déi si spanen. A wéi eng Geschicht wäerten si eis abannen?

*Nornen* ass eng dynamesch Stéckentwécklung, bei där d'Regie wärend de Prouwen zesumme mat de Schauspillerinnen doriwwer nodenkt, wat dat heescht: Geschichten erfannen a verzielt kréien. Si si tatsächlech de Koll, deen d'Gesellschaft zesummenhält? A wat hunn si eis haut nach ze soen, déi al Geschichten, déi un dësem Owend eng nei Gestalt wäerte kréien? Brauche mir nei Erzielmuster, fir de Gëtter an deene Stierfleche vun haut gerecht ze ginn?

# ZU DER EKIPP

## Jacques Schiltz a Claire Wagener

De Jacques Schiltz an d’Claire Wagener schaffe säit 2018 reegelméisseg zesummen. Hir Aarbechten entstinn an enker Kollaboratioun mat der artistescher Ekipp op an hannert der Bün, eng kollektiv Approche, déi bei ILL besonnesch zur Geltung kënnt. No de Produktiounen *Tod* (ILL, 2018) an *Amadeus* (ILL, 2020), déi op Textvirlage baséiert waren, an *À la recherche des temps modernes (*Théâtre du Centaure, 2020) a *Weinender Mond* (Kammerata, 2023), déi op d’Form vum Collage a vum Musekstheater opgebaut waren, geet et dem Duo bei *Nornen* dréms eng gemeinsam Geschicht ze schreiwen an ze erzielen, fir se an hirer Struktur oppen ze leeën an ze hannerfroen.

# ZU DER EKIPP

Frédérique Colling, Catherine Elsen, Anne Klein


Déi dräi Schauspillerinnen, déi d'Nornen duerstellen, sti fir eng jonk lëtzebuerger Theaterzeen, déi sech vill un de Méiglechkeete vun der multidisziplinärer Performance inspiréiert. Ëmsou méi spannend ass et, zesumme mat dëser Ekipp déi klassesch Erzielmuster opzegräifen an ze hannerfroen.

Nieft dem Schauspill sinn d'Anne Klein an d'Frédérique Colling dacks am Beräich vun der Stand-Up Comedy ze gesinn. D'Catherine Elsen ass ënnert anerem och fir seng Aarbecht als Musekerin bekannt a krut 2021 de lëtzebuerger Theaterpräis an der Kategorie Nowuesstalent.

# ZU DER EKIPP

## Michèle Tonteling

Wann et em kollektiv Stéckentwécklunge geet, muss een als Costumière a Bünebildnerin immens afallsräich, opmierksam a flexibel sinn. Dës Qualitéite bréngt d'Michèle Tonteling mat, fir enger entstoender Kreatioun hir ästhetesch Unitéit ze ginn, wéi z.B. och bei der Biergerbühn-Produktioun *Doheem – Fragments d'intimités* (ILL, 2022). Dës Unitéit gëtt bei *Nornen* och doduerch gestäerkt, dass d'Bün an d'Kostümer vun der selwechter Persoun gemaach ginn an ëmmer erëm un de Prouweprozess ugepasst kënne ginn.




**Konzept a Regie:** Jacques Schiltz a Claire Wagener

**Duerstellerinnen:** Frédérique Colling, Catherine Elsen, Anne Klein

**Kostüm- a Bünebild:** Michèle Tonteling

**Luucht:** Marc Thein

**Produktiounsleedung:** Jill Christophe

Kontakt: jill@ill.lu

Eng Produktioun vun Independent Little Lies - ILL a Koproduktioun mam Escher Theater a mam Kasemattentheater. Mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère a vun der Stad Esch-Uelzecht

*Foto © Patrick Galbats*




Independent Little Lies (ILL) ass en interdisziplinären Theaterkollektiv deen Theaterleit, Artist*innen, Pedagog*innen a Konschtintresséierter zesummebréngt. ILL gouf 1995 gegrënnt an ass scho säit bal 30 Joer e feste Bestanddeel vun der lëtzebuerger Kulturzeen. Eis Produktiounen a kulturell Veranstaltunge behandelen zäitgenëssesch a sozial Themen op de véier Haaptsproochen aus eisem Land. Mir engagéieren eis fir d'Weiderentwécklung vu Collaboratioune mat lokalen an internationalen Artist*innen a Produzenten, fir d'Gestaltung vun neie Produktiouns- a Kreatiounsméiglechkeeten, souwéi fir d'Förderung vu jonken Artist*innen aus ënnerschiddleche Beräicher.

www.ill.lu